FNF Meeting Minutes - 02/04/2014

Agenda

1. EU-Table Ronde
    1. Teilnehmer
2. Carré Rotondes (Exit07)

Minutes

EU-Table Ronde

EU is watching you?
Table Ronde iwwert Secherheets- an Netzpolitik.

Wou? Carré Rontondes (Exit07)
Wéini? 28ten Abrëll 2014
Auerzeit? 19h00 Auer **Dauer?** 2 Stonnen (ouni Q & A)

Ooflaaf

Den Jan mecht d'Begreissung an d'Aféierung an den Owend, C3L, FNF an wat mär alles nach ëmsetzten wellen. Dono iwwerhuelen d'Moderatorinnen d'Releve an fänken mat der Table Ronde un. Sie stellen jidereen an sech selwer ob um Panel fir. Et kënnen Froen währendem an no der TR gestallt ginn. Een live Twitter Feed vum Event aus wäert gemach ginn. Sou mat kann och jidereen deen net do ass Froen stellen oder suäin Komentsr dobai ze flecken.

Jidereen vun den Inviteen kritt een Bckground Check an et gëtt alles hannert desem Link gesammelt:

Et wär ideal eng graphesch Visulatioun ze hunn (eng Art Timeline) wou all eis Haatthemen drop stinn an déi sou erklärt ginn, bzw. kuerz Videoen. Dëst an Kombinatioun mat enger Präsentatioun (POwerPoint).

Mär sollen och een Informatiounsdech mat Flyers, Biicher, etc. organiséieren.

D'Inviteeen mussen och Themen an subejects gescheckt kreien.

Den Moderator vum Mikro am Publikum iwwerhëllt den Sam mat nach engem aaneren.

Invitée

Partei	Representant	Kommentar
CSV	Frank Engel	Heen setzt an enger EU Kommissioun wou et em Ënnersecherheet, Datenschutz, etc. geet.

Partei	Representant	Kommentar
Déi Lénk	Justin Turpel	
DP	Jeff Feller	
Déi Gréng	Claude Adam	
KPL		
ADR		
LSAP	Fränz Fayot	
PiratePartei	Ben Allard	
PID	Laurent Gretsch	

Moderatorinnen

Annick Goerens (Freelancer) & Pia Opel (Journalistin beim 100Komma7)

Venue & Beschreiwung

Den Exit07 sinn ass confirméiert an reservéiert fir den 28ten Abrëll 2014 ab 18h00 mat Bar.
D'Beschreiwung fir ob d'Website vum Exit07 kann een hei rënner noliesen:

Publicity

Den Flyer an den Poster ginn sou séier wéi méiglech an den Drock. Den Content besteet aus e bëssen Fliestext, enger TagCloud, den Nimm vun den Inviteën, der Address an der Auerzeit vum Event. Den Text an TagCloud bezeihen sech ob folgend festgeluechten Themen:

- eCall
- Datevirratsspäicherung
- Netz Neutralitéit
- INDECT
- EU Geheimdënschter (SES, Galileo)
- eCards
- Drohnen
- Visophon
- Datenschutz

Recording

D'Pia bréngt d'Material vum 100Komma7 mat fir alles obzehuelen. D'Kameraen fir ze filmen kommen vum Bob, Sam an Jan. Gefilmt an geschnidden vum Bob an 2 weideren Persounen déi mär nach fannen mussen.

Carré Rotondes (Exit07)

Den Yves Conrardy vum Exit07 huet gefrot ob mär als C3L dorunner interesséiert wären fir eng Art "Partenariat" anze goen an Zukunft an méi oft solch Events ze organiséieren.

From:
https://wiki.c3l.lu/ - **Chaos Computer Club Lëtzebuerg**

Permanent link:
https://wiki.c3l.lu/doku.php?id=organization:groups:fnf:meetings:fnf-2014-02

Last update: **2015/05/03 20:11**